
**Ohrenschaus**

(cm) - Wer sich mal wieder Überblick verschaffen möchte darüber, was in der Luxemburger Musikszene so läuft, dem/der helfen seit kurzem zwei aufwändig gestaltete Sampler beim Navigieren durch die heimischen Klangwelten.

Das Triple-Album der Rockhal vereint die derzeit aktivsten Luxemburger Bands: von Balthasar Daniel bis Zap Zoo sind (fast) alle mit einem Song vertreten. Die Unterteilung in Alternative Rock, Elektro, Songwriter, Pop und Rock ist ein bisschen willkürlich geraten, ein paar angesagte Namen wie Inborn oder Do Androïds Dream of Electric Sheep fehlen leider. Aber insgesamt zeigt die Sammlung deutlich, wie viel sich seit dem guten, alten "Rock-um-Knuedler"-Sampler getan hat. Und um der hier zu Lande sehr emsigen Elektro-Szene noch ein weiteres Denkmal zu setzen, hat Fred Baus das Album "Grand-Duchy Grooves - Luxembourgers are not fast food" zusammengestellt. Auf dieser Scheibe tummeln sich alle Soundbastler, die zur Zeit Rang und Namen haben: Circle around the zero, Sug(r)cane oder Veste sind mit dabei.


Die Rockhal-CD gibt es gratis über info@rockhal.lu, "Grand-Duchy Grooves" ist zum Preis von 9 € im Handel erhältlich.

**Deutschsprachig studieren**

(ik) - Auf Deutsch studieren, aber nicht in Deutschland - das geht nicht nur in Luxemburg, Liechtenstein, Österreich oder der Schweiz. Auch wenn viele StudentInnen es nicht wissen: Von Australien über China und Kanada bis

hin zur Ukraine reicht die Liste der Studienländer, in denen Hochschulen existieren, an denen (auch) in deutscher Sprache gelehrt wird. Eine Broschüre der Internationalen Medienhilfe (IMH) hat alle deutschsprachigen Studiengänge an ausländischen Universitäten auf mehr als 120 Seiten zusammengefasst. Übersichtlich und je nach gewünschtem Fach sortiert, listet die Broschüre über 500 Kontaktadressen in aller Welt auf, zum Beispiel Europäische Studien in Cluj-Napoca (Klausenburg) in Rumänien oder Informatik in Kairo. Aufgepasst: Wegen der begrenzten Studienplätze sind an verschiedenen Universitäten Vorbereitungskurse vorgesehen. Einige verlangen zudem Studiengebühren. Nähere Informationen am besten bei den genannten Adressen erfragen.

Internationale Medienhilfe, "Deutschsprachige Studiengänge weltweit", September 2004, ISBN 3-00-012699-0 oder direkt bei verlag@imh-service.de

**Steuern immer noch off-line**

(ergué) - Seit etwa zwei Jahren ist die Steuerverwaltung mit www.impotsdirects.public.lu online. Seitdem wurde viel von Lissabonprozess, Modernisierung und eGovernment geredet. Außerdem

flattern dieser Tage die allseits beliebten, undurchdringlichen Formulare bei den Steuererklärungspflichtigen ins Haus. Gelegenheit also auf einer Site vorbeizuschauen, die sehr viele BürgerInnen direkt betrifft. Doch außer einem etwas besser strukturierten Look scheint fast nichts passiert zu sein: immer noch keine Möglichkeit seine Erklärung per Internet abzugeben (wie es geht, siehe Frankreich). Immerhin, inzwischen gibt es einen Rechner der einem sagt wie viele Steuern bei einem bestimmten zu versteuerndem Einkommen fällig werden. Doch eine Online-Hilfestellung wie dieser "revenu imposable" zustande kommt gibt es nicht. Anders als vor zwei Jahren, ist es jetzt möglich die Erklärungen als PDF herunterzuladen und am Schirm auszufüllen. Doch per Klick abschicken geht nicht. Immer noch gilt: alles Ausdrucken und mit Umschlag einsenden. Ein wenig nachhaltiges Modell, denn die Erklärungspflichtigen erhalten ohnehin zwei Papierexemplare die sie gleich in die Papiersammlung befördern können.

www.impotsdirects.public.lu

THEATER

Pensioun ante portas



Agespillt:
d'Monique
Melsen ...

D'Monique Melsen an de Marcel Heintz hunn op de lëtzebuergesche Bühnen schonn dacks eng Koppel gespillt. Am Jay Schiltz sengem Stéck "E Wäibierg an Alaska" stinn se kuerz virun der Pensioun.

Op den éischte Bléck passen se guer net beieneen. D'Monique Melsen - wibbeleg, mat feierrouden Hoer, net ze iwwersinn - an de Marcel Heintz - éischer onopfälleg, bal duersichtig, mat Ofgrënn, déi een eréischt no an no entdeckt. Beim Interview sëtzt d'Monique Melsen poulriicht um Canapé, de Marcel Heintz huet sech hanne widder geluecht, d'Been iwwer Kräiz a mell sech just heiansdo zu Wuert. An awer mussen se zënter 1988 ëmmer erëm Koppele spillen, vläicht grad wéinst deem Géigesaz, well een deen am Theater sou gutt kann ausnotzen.

Wann een dem Jay Schiltz säin Zweek-Persoune-Stéck "E Wäibierg an Alaska" liest, fir dat déi zwee Schauspiller am Moment am Réidener "Inouï" op der Bühn stinn, da gëtt kloer, dass den Auteur sengen zwee Schauspiller den Text op de Läif geschriwwen huet. Net emoss heeschen d'Protagonisten Monique a Marcel. Am richtige Liewen hunn si reng beruflécht mateneen ze dinn - am Stéck sinn se eng Koppel, schonn éiweg bestued, a lo steet d'Pensioun virun der Dier. Spéitestens zënter dem Lorient sengem "Pappa ante portas" ass de komesche Potential vun esou enger Situatioun bekannt. Nodeems een e Liewe laang laanschtenee geliewt huet, fënnt een sech e beemol op engstem Raum zesummen a muss mat sech selwer a mat deem aneren eens ginn. Dee grouse Changelement kann awer och tragesch Konsequenzen hunn: tèscht Päschtcroisière an Tupperpartie bleiw Raum fir de Bléck no bannen. E beemol zéien sech d'Deeg, déi soss ni Stonne genuch haten, onendlech an d'Längt.

"E Wäibierg an Alaska" hat den 9. März Premiere a gëtt nach bis Juni am Inouï zu Réide gespillt.

Déi genee Datumen ënner www.inouï.lu oder am woxx-Kalenner "Wat ass lass".

Tèscht Bergmann a Boulevard

"Si l'on avait laissé la pièce comme l'auteur l'a écrite, on aurait fait du Bergmann", erklärt d'Valérie Bodson, déi "E Wäibierg an Alaska" inszenéiert. Bergmann? Beim éischten Duerchliesen huet een éischer d'Impressioun, dass de Jay Schiltz hei mat den typesche Motiver vum Boulevardtheater schafft. De Mann keeft sech - midlife-crisis oblige -

en Aston Martin deen en dann och prompt zu Schrott fiert. An seng Fra kënnt e beemol op d'Idee, dass si wëllt Kënschtlerrinn ginn. Mee dat ass och nëmmer eng Phase, déi séier eriwwegeet. Nëmmer d'Suë si fir déi Koppel kee Problem: si hunn eng Ierfschaft gemaach, déi hinnen et erlaabt fir sech hiere Liewensowend kamoud anzeriichten.

Mee d'Stéck ass net de Psychogramm vun zwee Aarbechtsdéieren, déi ze spéit mierken, dass se sech hir verdrängte Liewensdreem net mat Mënz alleng kënnen verwierklechen. Et ass virun allem e verbale Pingpongs-Match tèscht dem Marcel Heintz an dem Monique Melsen, tèscht der lakonescher Schosselegkeet vun deem engen an der Hyperaktivitéit vun däer anerer. Et brauch ee schonn sympathesch Akteuren fir de Publikum nach mat sou klassesch Antagonismen bei der Staang ze halen. Den Text wieselt bestänneg tèscht platt a perséinlech, tèscht banal a präzis observéiert.

Liichte Kascht mat Nogeschmaach

Well de Publikum awer an éischer Linn eppes ze laache kréie soll, hunn d'Valérie Bodson an hir Equipe och éischer a Richtung Boulevard wéi Bergmann gekuckt. "Net dass d'Leit herno aus dem Sall lafen a bei hire Patron biedele ginn, fir nach kënnen zing Joër méi laang schaffen ze komme", seet d'Monique Melsen. D'Shlomit Butbull, Patronne vun der Brasserie Inouï, hat dem Jay Schiltz den Auftrag ginn, fir e "witzegt Stéck" ze schreiwen an den Auteur huet en Text ofgeliewert, mat deem d'Schauspiller an d'Réalisateurice fir d'éischt näscht Richteges unzefänke wossten. Doudeescht oder éischer liicht?

D'Valérie Bodson huet sech entscheed fir dat Gantz vun der positiver Sait ze belichten. Déi belsch Kënschtlerrin war iwerrascht, wéi de Jay Schiltz si geschwat huet, fir bei sengem Stéck Regie ze féieren. Et ass fir si eréischt déi zweete Kéier, dass si hannert der Bühn d'Fiedem zitt an dann och nach an enger Sprooch, déi si am Fong net versteet. Dofir krut si den Text iwversat an dat erklärt och, firwat

... an de
Marcel Heintz.



(Fotos:
Christian Mosar)

si munches anescht interpretéiert huet wéi hier Acteur'en. Vill gouf gekierzt an anescht verschafft. Bei den Dekoren gouf ganz op d'Abstraktioun gesat. Nëmmer net naturalistescht sollt et sinn. Den eenzege Fixpunkt ass e Kalenner, op deem ee gesäit wéi d'Zäit (net) vergeet.

"E Wäibierg an Alaska" versteet sech net als ambitionnéierten, zäitgenësseschen Theater. Et ass an éischer Linn Ennerhaltung an am Geplänkels ginn déi méi batter Sujeten séier ënner. Sou wéi dem Marcel seng Familljengeschicht oder déi erstaunlech emotional Keelt mat där sech Elteren a Kanner hei begéien. Den Nowues trëtt zwar nëmmer indirekt op an awer schockéiert den Emgangstoun tèscht béide Säiten - op d'mannst mol um Pabéier. D'Kanner interesséiere sech virun allem fir den Elteren hir Suen, mee besonnesch d'Mamm géng fir den Nowues am léifste guer näscht iwweg loosse. Wéinstens déi zwee Protagonisten hu sech nach gäer. Dorunner gëtt am Stéck keen Zweifel gelooss - d'Monique an de Marcel bereien och no dréseg Joer näscht. Wéi dat bei zwee sou enerschiedliche Charakteren am Alldag konnt funktionnéieren, dat gëtt een allerdéngs net gewuer.

Sou richtig fir ze Brëlle komesch net "E Wäibierg an Alaska" net sinn. D'Valérie Bodson schwätzt vu "légèreté et intelligence". Op dat den Erwaardunge vum Publikum am Inouï entsprécht, weess si net ze soen. De Joël Seiller, Regieassistent, huet schonn e puer Mol an der Brasserie hannert de Kulisse matgeholf, wann do Theater gespillt gouf - beim Jemp Schuster sengem Monarchie-Klamauk "Choucroute royale" a bei "All Dag sou géint fënnel vir zwielen" vum Serge Tonnar. "Et ass net de regulären Theaterpublikum" seet heen. An en erënnert sech drun, dass d'Leit beim Stéck vum Serge Tonnar den Acteuren matzen am Spill wollte gutt Rotschléi mat op den Wee ginn. "Da renn et dach mam Fouss an den Aasch", hätt eng Spektatrice der Mady Dürer zougeruff, déi deemols op der Bühn vun hirer "Schwester" Monique Melsen drangsaléiert gouf.

"Et ass kee Shakespeare" seet hien och nach, "näscht wou een sech extrem muss ustengen." An awer - et muss ee genee nolauschten, fir dass een d'Zwëschentéin net iwverhéiert. Boulevard mat batterem Nogeschmaach.

Claudine Muno